R.D. 103.6 100.3

Diddelénger Sektioun vun den edf
vun 1985 un bis haut

1

An enger éischter Sendung hate mir iwert Gréinung vun der ~~Bunicole vun den edf~~ Ligue Of Sektioun Diddeleng erzielt. D'Ursachen vun hiren Gréinung an hir Aktivitéiten

An enger zweiter Sendung goung Rieds wéi d'Ligue Of ennergoung a wéi d'Association vun den edf, victimes du nazisme an d'Fédération entstanden sin. Déi zou Diddeleng gouf déi nach bestehend Sektioun vun der Ligue Of. an eng Bunicole vun den edf Sektioun Diddeleng umgenannt. Erzielt gouf iwer hir Aktivitéiten bis zu hirem 40ten Anniversaire 1985.

Dessen Anniversaire gouf mat enger grousser historescher a fotografescher Ausstellung am Stadtbaus gefeiert.

An dieser Exposition war zu gesinn:

Diddeléng ënnert der Naziherrschaft (duergestalt an dokumentéiert duerch Plakaten)
- Diddeléng an den 20er Joeren an derno
- d'Joergäng 1920-1927 an de Schoulen
- 1939 Centenairsfeieren
- Diddeléng kurz virum Krich (d'Préparatioun vun der Evakuation)
- 10. Mee-Evakuatioun
- Krichsfotoen an Dokumenter
  - a) d'Nazien
  - b) am RAD
  - c) an der Wehrmacht
  - d) d'Resistenz, d'Refractairen an d'KZler
  - e) d'Gefangeschaft
  - f) Rapatriement

ech waren dest d'Joergäng déi 1942 vun de Preisen wou Flust des Joergäng als Jugend vun déiselbe ëffentlecher Zwangsverwaltung zum mat dabei waren

- Liberatioun
  - a) d'Miliz
  - b) d'Festlechkéten
  - c) de Monument aux Morts vun Diddeléng
- Bilanz
  - a) d'Éirentafel vun onsen onglécklecha Komeroden
- En Dél vun der Aktivitéit vun der Diddelénger EdF-Sektioun.

De Sektion's Comité huet sech dennels aus folgende Membren zusammen gesat.

~~De Comité vun den Enrôlés de Force, Sektioun Diddeléng 1985 v.l.n.r. ënnen~~: Arsène Diederich, Hubert Arend, Mme Dell Marguerite, Jos Weirich, Nic. Kieffer, Jos Benoit.

~~v.l.n.r. uewen~~: Tun Rosseljong, Roby Woeffler, Will Dahm. Aloyse Reger, John Back, Nickela Sturm.
~~Et fëhlen op der Foto:~~ Mme Theobald Nelly, d'Joffer Libar Alice, Jos Putz.

Des Ausstellung hat en immense Succès: iwert 3000 Visitéiren waren an déi 7 Dég fréiseiert: No enger Kuerzer Musek komme mir op d'Sujeten vun dieser Ausstellung zeréck.